

## Communiqué

**Haut um 14h00 Auer ass d'Chamberskommissioun fir bannenzeg Ugeleeënheeten zesummekomm. An der live iwwerdroener Sëtzung huet de Piraten-Deputéierten Marc Goergen ganz einfach gefrot, wéini d'Kommissioun iwwer d'Dronevorfäll informéiert gëtt. Déi véier grouss Parteien halen awer gären den Deckel iwwer den Informatiounen.**

Den 18te September huet um Findel de Fluchbetrib missen agestallt ginn, well onidentifizéiert Dronen um Himmel gemellt gi waren. Zënterhier schweigt d'Regierung. Déi puer Informatiounen, déi d'Ëffentlechkeet kritt, sinn onkloer a veronsécheren d'Leit. Vill Froe ginn net beäntwert.

Haut um 14h00 Auer ass d'Chamberskommissioun fir bannenzeg Ugeleeënheeten zesummekomm. An der live iwwerdroener Sëtzung huet de Piraten-Deputéierten Marc Goergen ganz einfach gefrot, wéini d'Kommissioun iwwer d'Dronevorfäll informéiert gëtt.

D'Äntwert: D'Informatiounen gëfen un d'Conférence des Présidents goen. Dat wier esou mat alle Parteien a politesche Sensibilitäten ofgeschwat. Dat ass falsch. D'Piraten goufen net gefrot. A mir hätten och ni zougestëmmt, datt esou wichteg Informatiounen an engem klengen Krees hannert zouene Dieren bliwen.

Bei esou Hannerdierpolitik maache mir net mat. D'Chamber ass do, fir d'Regierung ze kontrolléieren. Dofir muss all Deputéierten déi relevant Informatiounen kréien a Froe stellen kënnen a wann et muss, an enger vertraulecher Sëtzung. Een eenzege Vertrieder pro Grupp oder Sensibilitéit z'informéieren, geet net duer.

D'Bierger hunn e Recht drop, esou gutt wéi méiglech informéiert ze ginn. Dat gëllt ëmsou méi, wou d'Regierung Ausgabe vu Milliarden Euro fir d'Verdeedegung ausgëtt, an des Suen an de kommende Jore weider klamme sollen. Wien esou vill ëffentlech Sue fir d'Sécherheet ausgëtt, muss de Leit och kloer soen, wéi d'Situatioun ageschat gëtt a wat nach ënnersicht gëtt. Sensibel Detailler kënnen vertraulech bliwen. Mee dat ass keng Entschëllegung fir d'Schweige an eng onkomplett Informatiounspolitik vun de leschten Deeg.

D'Piraten fuerderen: vollstänneg Informatioun fir d'ganz Chamber an eng kloer, éierlech an transparent Informatiounspolitik fir d'Bierger.

